PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 09/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Wéi aus den Dokumenter vun der "*AIP Belgium and Luxembourg*" ze liesen ass, gouf den Instrument-Landing-System (ILS) um Findel fir Fligeren, déi vu Weste hier landen, vun der Kategorie 3 op d'Kategorie 1 erofgestuuft. Duerch Recherche hu mir erausfonnt, dass d'*Direction de l'aviation civile* (DAC) den ILS degradéiert huet.

Doriwwer eraus ass eis bekannt, dass de lëtzebuergesche Fligerradar aktuell technesch Problemer huet. De Radar, funktionéiert eigentlech zesummen an engem Netzwierk mat dräi anere Radaren aus eisen Nopeschlänner. Wéinst enger Maintenance um Radar zu St. Hubert an der Belsch, misst eise Radar u sech ofgekapselt vum Netzwierk funktionéieren. Et gouf allerdéngs festgestallt, dass de lëtzebuergesche Radar verschidde Fligere guer net uweist.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Aus wéi enge Grënn gouf den ILS vun der DAC an d'Kategorie 1 erofgestuuft? Zënter wéini ass dat de Fall a wéi laang wäert dës Degradéierung undaueren?

2. Kann de Minister bestätegen, dass och de Radar technesch Problemer opgewisen huet? Falls jo, wéi eng Problemer waren dat, wéi laang hunn se gedauert a sinn se an der Tëschenzäit behuewe ginn?

3. Ginn et aktuell sos nach technesch Problemer, déi een Impakt op d'Sécherheet vum Fluchverkéier kéinten hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député